ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. September 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Den Ament ergëtt sech, wéi et schéngt, eng schwiereg Situatioun, wat d'Notzen an d'Benotze vun de Policehelikopteren ugeet. Et soll deemno esou sinn, datt keng bewaffent Beamten am Policehelikopter däerfe matfléien. Dëst ass net nozevollzéien, well d'Helikopteren - notamment och am Hibléck op d'Spezialunitéiten – ënner Anerem och fir esou Asätz geduecht an ekipéiert sinn, wou d'Police séier an effikass intervenéiere muss. Lëtzebuerg huet mat sengen H145M-Helikoptere mat dat Modernst, wat aktuell um Marché ze fannen ass. Trotzdeem mussen d'Maschinne wéinst feelenden Autorisatiounen an/oder, wéi et schéngt, inadequate legalen Dispositiounen dacks um Buedem bleiwen.

Et soll deemno och esou gewiescht sinn, datt wéi zu Tréier am Dezember 2020 en Amoklaf stattfonnt huet, d'Beamte vun der Lëtzebuerger Police als Renfort op d'Grenz sollte geflu ginn. Vu datt d'Beamte vun der Spezialunitéit - selbstverständlech (!) - bewaffent waren, ass et awer net zum Asaz komm. Bei de rezenten Iwwerschwemmunge soll et zu änlechen absurde Virfäll komm sinn: Deemno konnten d'Lëtzebuerger Beamten net am Ausland hëllefen, fir am Kader vun den Iwwerschwemmunge Leit vun den Diecher vun hiren Haiser ze retten - an déi Lëtzebuerger Policehelikoptere sinn och grad dofir ausgerëscht - well déi néideg Autorisatioune gefeelt hunn.

Wann d'Lëtzebuerger Spezialunitéit Asätz trainéieren, gräifen si deemno op auslännesch an dacks veraalten Helikopteren zeréck, fir déi de Lëtzebuerger Staat iwwerdeems och nach bezuele muss.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Policeminister:

1. Et gehéiert zu der Natur vun der Spezialunitéit vun der Police, datt d'Beamte bewaffent sinn. Wéi ass et an deem Kontext méiglech, datt déi Lëtzebuerger Policehelikoptere keng bewaffent Beamten däerfen u Bord hunn?
2. Wéi eng Autorisatioune sinn an deem Kontext néideg a wéi eng feelen nach an dat aus wéi enge Grënn? Wéi eng Autoritéiten sinn dofir responsabel?
3. Kann den Här Minister confirméieren, datt Lëtzebuerg am Kader vum Tréierer Amoklaf wéinst feelenden Autorisatiounen an/oder legalen Dispositioune keng Hëllef konnt leeschten, andeems Beamte mam Helikopter op d'Grenz geflu goufen?

4. Kann den Här Minister confirméieren, datt Lëtzebuerg am Kader vun deene rezenten Iwwerschwemmunge wéinst feelenden Autorisatiounen an/oder legalen Dispositioune keng Hëllef am Ausland konnt leeschten, andeems Beamte mam Policehelikopter Leit hätten aus mëssleche Situatioune kënne befreien?
5. Kann den Här Minister confirméieren, datt d'Lëtzebuerger Police op auslännesch Helikopteren zeréckgräife muss – fir déi si bezuele muss - wéinst feelenden Autorisatiounen an/oder legalen Dispositiounen? Wa jo, wéi vill Suë goufe vun 2019 bis elo fir d'Loune vun auslänneschen Helikopteren ausginn?
6. Gedenkt den Här Minister elo séier ze reagéieren, fir där beschriwwener Situatioun en Enn ze bereeden? Bis wéini sinn eis Helikoptere voll operationell?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten